HISCOX

## 1. Whistleblower - dréckt Är Bedenken aus

### 1.1 Wie kann eppes mellen?

Et gëtt eng Meldung gemaach, wann eng Persoun Informatiounen iwwer eng Gefor, e Risiko, eng schlecht Praxis oder Mëssbrauch matdeelt, oder bestëmmt Zorte vun Informatiounen, normalerweis iwwer illegal oder onéierlech Praktiken an enger Organisatioun, liwwert. E Whistleblower ass eng Persoun, déi a guddem Glawen eppes mellt.
D'Politik iwwer d'Meldunge gëllt fir all Persoun, déi dës Informatioune matdeelt, dorënner och (awer net nëmmen) d'Persounen, déi hei opgezielt sinn:

- D'Membere vum Personal (och Studenten), d'Persounen, där hir Aarbechtsrelatioun eriwwer ass
- D'Persounen, déi fir eng Aarbechtsplaz bei Hiscox postuléiert hunn oder där hir Aarbechtsrelatioun nach net ugefaangen huet
- D'exekutiv an net-exekutiv Membere vum Verwaltungs-, Direktiouns- oder Iwwerwaachungsorgan
- Vertragspartnere vun der betraffener Entitéit, hir Sous-Traitanten oder, am Fall vu juristeschen Entitéiten, d'Membere vum Verwaltungs-, Direktiouns- oder Iwwerwaachungsorgan vun dëse Vertragspartneren a Sous-Traitanten, wéi och d'Membere vun hirem Personal
- D'Studenten, déi e Stagekontrakt mat Hiscox hunn
- D'extern Mataarbechter
- D'Geleeënheetsaarbechter

### 1.2 Wat ka gemellt ginn?

Hei ass eng (net komplett) Lëscht vun Theemen, déi kënne gemellt ginn:

- Gesetzesverstouss op deen eng strofrechtlech Sanktioun steet
- Fraude
- Feeler an der Gestioun
- Gefor fir d'Gesondheet an d'Sécherheet
- Net-Ënnersiche vun Uschëllegunge vun Belästegung oder Aggressioun vun engem Employé géint en aneren
- Net-Anhale vu gesetzlechen Obligatiounen
- Korruptioun oder Finanzkriminalitéit
- Net-Anhale vun de reglementareschen Obligatiounen
- Net-Anhale vun den interne Politiken a Prozeduren
- Behuelen, dat méiglecherweis dem Ruff oder der finanzieller Gesondheet vun Hiscox ka schueden
- Bewosst Verschleierung vun de Punkten hei driwwer
- Bedroung oder Schued fir den ëffentlechen Interessi, oder e Gesetzesverstouss

## 2. Intern Kanäl fir Meldungen ze empfänken an extern Kanäl fir Meldungen ze empfänken iwwer de Commissariat aux Assurances (CAA) oder iwwer déi zoustänneg Regulateure vun den aneren europäesche Länner an deenen HSA aktiv ass

Eng Meldung kann iwwer verschidden intern oder extern Kanäl gemaach ginn.

### 2.1 Meldung iwwer intern Kanäl

Fir eisen interne Kanal fir Meldungen ze empfänken konform zu den uewe beschriwwene Moossnamen ze maachen, bleift e fir d'Membere vum Personal zougänglech iwwer d'Kanäl, déi an der Politik an de Prozedure beschriwwe sinn, déi um Intranet verfügbar sinn (The Gallery). E gëtt och op all berechtegt Persounen iwwer déi follgend Mëttelen erweidert:
**Web**, via: https://www.safecall.co.uk/report/

**Service-Uruff**: de Service Safecall ass 24 Stonnen op 24, 7 Deeg op 7, 365 Deeg d'Joer iwwer d'Nummer hei drënner verfügbar an erlaabt Iech et, mat engem Uspriechpartner an der Sprooch Ärer Wiel ze schwätzen - https://www.safecall.co.uk/en/file-a-report/telephone-numbers/)
***E-Mail op déi heiten Adress:*** *whistleblowing@hiscox.com*
***Bréif un déi heite Postadress:*** *35 Avenue Monterey L-2163 Luxembourg adresséiert u Roshni Patel*
***Perséinlech Reunioun:*** Dir kënnt eis Är Informatiounen och perséinlech matdeelen. Wann Iech dat léiwer ass, dann informéiert eis wgl. iwwer ee vun de Weeër, déi hei driwwer beschriwwe sinn. Wann Dir eng perséinlech Reunioun frot, kann dës - wann Dir domat averstane sidd - dokumentéiert ginn iwwer (I) d'Ophuele vum Gespréich op engem dauerhaften an recuperabele Support oder (II) d'Redaktioun vu engem präzise Bericht vun der Reunioun duerch d'Memberen, déi zoustänneg si fir Är Meldung ze traitéieren. Mir bidden Iech och d'Méiglechkeet, de Bericht vun der Reunioun ze kontrolléieren, ze verbesseren an ze approuvéieren andeems Dir en ënnerschreift.
D'Meldung kann anonym gemaach ginn, wann Dir dat wëllt, an et gëtt alles gemaach fir d'Vertraulechkeet vum Whistleblower ze erhalen. D'Identitéit vum Whistleblower oder engem bedeelegten Drëtte gëtt nëmme matgedeelt an de Fäll wou d'Gesetz et verlaangt (zum Beispill wann Hiscox verflicht ass, d'Autoritéiten ze informéieren, wann d'Faiten e Verbriechen oder en Delikt kënnen duerstellen).

***Moossname géint Repressalien, Droungen oder Versich, dës Mëttelen ze benotzen, Schutz vum Whistleblower a Vertraulechkeet***

Hiscox autoriséiert keng Repressalien, Droungen oder Versich, dës Mëttelen ze benotzen, géint e Whistleblower oder eng Persoun, déi un der Evaluatioun vun den Allegatioune bedeelegt ass, wéinst hirer Bedeelegung un der Meldung an/oder hirer Evaluatioun. Dëst gëllt och fir Meldunge fir déi d'Allegatiounen no der Evaluatioun net konfirméiert goufen.
Är Informatioune gi vertraulech behandelt. Dës Vertraulechkeet gëllt och fir all aner Informatiounen op Basis vun deenen d'Identitéit vum Whistleblower direkt oder indirekt kann ofgeleet ginn. Mir huelen entspriechend Moossname fir all d'Informatiounen, déi mir kréien, ze veraarbechten an d'Interessie vun alle bedeelegte Persounen ze schützen. All d'geliwwert Date gi konform zu den uwennbaren Dateschutzreglementer an eiser Dateschutzpolitik veraarbecht. Fir méi Informatiounen iwwer eis Dateschutzpolitik, kuckt wgl. eis Websäit: https://www.hiscox.lu/privacy-policy

***Suivi***
Dir kritt bannent siwen Deeg eng Empfangsbestätegung vun Ärer Meldung.
Mir encouragéieren Iech, eis Är Kontaktdaten (wéi Ären Numm an/oder eng E-Mail-Adress) matzedeelen, wann Dir eng Matdeelung maacht. Sou kënne mir Iech kontaktéieren, wa mir zousätzlech Froen hunn. Wann Dir awer léiwer anonym bleift, respektéiere mir Är Entscheedung an Är Meldung gëtt weider evaluéiert.
D'Endresultat vun den Diligencë gëtt dem Whistleblower an engem raisonnabelen Delai vun net méi wéi dräi Méint no der Empfangsbestätegung vun der Meldung matgedeelt.

**2.2 Meldung iwwer extern Kanäl**
D'Meldunge kënnen onofhängeg un de Commissariat aux Assurances (CAA) fir all Verstouss géint d'uwennbar lëtzebuergesch Gesetzer a Reglementer gemaach ginn.
Detailléiert Instruktiounen iwwer d'Prozedur fannt Dir op der Websäit vum CAA iwwer follgende Link: *https://www.caa.lu/fr/whistleblowing.*
Extern Kanäl sinn och verfügbar bei den zoustännege Regulateure vun den aneren europäesche Länner an deenen HSA aktiv ass. Mir recommandéieren all berechtegter Persoun, fir d'éischt eis intern Prozedur iwwer Kanäl, déi hei driwwer beschriwwe sinn, ze benotzen, ier se de CAA oder d'lokal Autoritéiten iwwer den externe Kanal kontaktéiert.